I-2017-O-M-5105-01 (2796)

adr

Alternativ Demokratesch Reformpartei

**Groupe parlementaire**

Lëtzebuerg, de 15. November 2017

Depot: Här Fernand Kartheiser
Interpellation liberté d'expression

1

# RESOLUTIOUN

D'Chamber

- stellt fest, datt et am lëtzebuergesche Strofrecht eng Rei vun Dispositioune gëtt, zemools d'Artikele 454 vum Code pénal an déi duerno, déi kéinten am Widdersproch zu der Dispositioun vum Artikel 24 vun der Verfassung stoen, dee seet: « *La liberté de manifester ses opinions par la parole en toutes matières, et la liberté de la presse sont garanties, sauf la répression des délits commis à l'occasion de l'exercice de ces libertés . - La censure ne pourra jamais être établie.* »;
- ënnersträicht d'Wichtegkeet vun der Meenungsfräiheet an enger fräier an demokratescher Gesellschaft;
- betount, datt am Ëmgang mat der Meenungsfräiheet de Buschtaf an de Geescht vun der Verfassung musse respektéiert ginn;
- bedauert, datt dat lëtzebuergescht Verfassungsgeriicht am Abléck baussent engem Prozess net kann domat beoptraagt ginn, d'Konstitutionalitéit vun enger gesetzlecher Dispositioun ze iwwerpréiwen.

D'Chamber decidéiert:

- am Kader vun der Ausschaffung vun enger neier Verfassung d'Rechter vum Verfassungsgeriicht auszebauen a besonnesch:
  1. dem Verfassungsgeriicht et ze erméiglechen, och baussent engem Prozess d'Konstitutionalitéit vun engem Gesetz oder engem internationalen Traité ze iwwerpréiwen;
  2. Prozedure festzeleeën, fir den Institutiounen an de Bierger méi en direkten Zougang zum Verfassungsgeriicht ze ginn, och baussent engem Prozess.

F. Kartheiser